



Ee puer vun eisen Memberen haten sech och dest Joer zesummen fonnt fir un der Sortie vum Flyfishing Club deel ze huelen. Leider waren vill vun eisen Memberen verhennert oder sinn aus gesondheetlechen Grenn ausgefall esou dass Schlussendlech 7 Fescher iwwreg bliwwen sinn dei sech doduerch awer net den Spaass um feschen huelen gelooss hunn.

Nodeems et ënnerwee geschott hat ewéi mat Eemeren ass d´Wieder dunn lues a lues besser ginn an Samschdes haten mir et ze guer gutt erwëscht wat d´Wieder ubelaangt mee dat war awer leider net bei den Fësch ukomm ewell déi wollten net esou richteg bäissen wat jo net verwonnerlech war hat dach een vun eisen Memberen deen schonn säit Joren op Saulxures fiert mir den éischten Dag Moies ugeruff, ech war knapps ukomm, fir mir ze soen dass et am Oktober ganz schlecht wär fir zu Saulxures ze fëschen, na ja fir d´Motivatioun war dat natierlech net förderlech mee Hien sollt leider och nach Recht behalen.









Mir hunn dunn dat Bescht doraus gemaach an eis Fëscher waren trotzdem Alleguerten gutt gelaunt an frou iwwerhaapt do ze sinn ewell eis Sortien op den Lac de la Moselotte ëmmer dräi Deeg Vakanz an den schéinen Vogesen bedäiten an dat genéissen mir dann och an vollen Ziich. Den Änder am d´Marie Paule waren schonn Donneschdes ugereest ewell Sie et Nie erwaarden kënnen, wat awer den Virdeel huet dass den Änder eis dann schonn kann berichten ewéi et mat den Fësch ausgesäit, mee dës Kéier wousst och Hien net vill ze verzielen hat Hien dach den éischten Dag nëmmen dräi Fësch gefaangen an awer war Hien net onzefridden an huet awer Alles ginn wat dann och déi aner Fëscher gemaach hunn. Mir hunn eis einfach net vun den schlechten Konditiounen beaflossen gelooss wat mat sech bruecht huet dass d´Fëscher et vun Ufank aus un ganz relax ugoen gelooss hunn.





Ewell dës Kéier eisen Grillowend ausgefall ass hunn mir eis dunn missen aneschters organiséieren mee den Fränz huet dat an d´Hand geholl an huet dës Kéier dofir gesuergt dass keen vun eisen Fëscher Honger gelidden huet. Den éischten Owend hat Hien um Site selwer am Restaurant reservéiert, ech hunn mir soen gelooss dass dat awer keng gutt Iddi war ewell d´Iessen schonn kal war ewéi et zerwéiert gouf an gutt wär et och net gewiescht, esou dass eis Fëscher dunn den

zweeten Dag an Duerf selwer an d´Pizzeria waren an do hunn ech nëmmen gutt Echoen dovunner kritt. Ech fir mäin Deel hat mir selwer vun Doheem ze Iessen matbruecht ewell ech niewent dem fëschen och dovunner profitéiert hunn fir op den Hohneck ze fueren wann mir schonn esou no dobäi waren an dann Owes ee bëssen méi spéit zeréck komm sinn.



Moies fréi an Owes spéid konnt een awer ëmmer vill Gobagen gesinn esou dass et net dorunner loung dass keng Fësch sollen do gewiescht sinn mee ech mengen d´Fësch hunn ëmmer gewaart bis d´Fëscher net méi do waren an sinn dann eréischt aktiv ginn an trotzt den schlechten Konditiounen waren iwwert den Weekend awer eng sëllechen Fëscher ugetrueden awer deen Éischten Moies fréi dat war awer all Dag den Réier mee och Hien hat et schwéier.





An der Nuecht vun Freides op Samschdes haten mir dann och nach Stuerm, den Wand huet gehurelt an d´Lueden un den Chaleten hunn geklabbert, esou haart dass ech dovunner erwächt

sinn ewell ech geduecht hat et wär eppes ëmgefall. Mee ewéi schonn geschriwwen ass d´Wieder dun am Laf vun eisem Openthalt ëmmer besser ginn an Samschdes haten mir schéin sonnegt Hierschtwieder mee komescher Weis war dat deen Dag wou am mannsten gefaangen ginn ass.





Alles an Allem haten mir erëm eng schéin Sortie an d´Vogesen an och wann d´Fësch net um Rendezvous waren esou haten mir dach dräi Deeg wou mir vum Alldag konnten Ofstand gewannen an dat ass jo och den Grond firwat mir ëmmer erëm zeréck dohinner fueren an Wien weess déi nächsten Kéier klappt et villäicht och erëm mat den Fësch an wann net dann maachen mir ewéi ëmmer awer dat Bescht doraussser.







